UNION SAINT PIE X

# SÄNGERTREFFEN

1. Fir d'Kierchemusek an eisem Land weider ze entwéckelen an d'Frëndschaft tëschent de Sänger an de Chéier ze verstäerken, recommandéiert de Piusverband hire Memberen, datt e puer Chéier zesummeschaffen, fir e Sängertreffe vum Piusverband ze organiséieren.

2. Fir datt e Sängertreffen als dat unerkannt gëtt, musse wéinstens 4 Chéier matmaachen, déi Member vum Piusverband sinn.

3. Wéinstens 2 Méint virum Datum vum Sängertreffe muss de Chouer oder mussen déi Chéier, déi d'Sängertreffen organiséieren, dem Piusverband schrëftlech matdeelen, wat fir eng Chéier beim Sängertreffe matmaachen, wou et ofgehale gëtt a wéi de provisoresche Programm ass.

4. De Programm däerf aus Wierker aus der Kierchemusek an aus weltleche Stécker bestoen. De Programm muss dem Kader ugepasst sinn, wou dat Sängertreffen ass (Kierch oder ëffentlech Gebai).

5. De Veräin, deen d'Sängertreffen organiséiert, kritt aus der Verbandskees e Subsid vu 400 €. Bedeelege sech méi Veräiner un der Organisatioun, dann deele si sech dëse Betrag.

UNION SAINT PIE X – PIUSVERBAND ASBL • L-8009 Strassen • 3 route d'Arlon
Tél.: 26 20 18 99 - Fax: 26 20 18 98 - E-mail: saintpie@pt.lu - www.piusverband.lu
Fédération reconnue d'utilité publique - Registre de Commerce et des Sociétés: F1064 / n° L050036433.5
Code BIC: CCPLLULL / CCPL IBAN LU97 1111 0404 8637 0000
Avec le soutien financier du Ministère de la Culture